ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Aus der Press geet ervir, datt de MUDAM wéilt e Konschtwierk ("Chapelle") vum belsche Kënschtler Wim Deloye am Mee 2018 ofbauen.

Dowéinst wëll ech dem Här Kulturminister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt dat Konschtwierk soll ofgebaut ginn?
2. Wa jo, wat soll dann domat geschéien?
3. Wa jo, wat kënnt dann an d'Platz vun der « Kapell"?
4. Wa jo, wat sinn d'Ursaachen dofir a wien huet déi Decisioun geholl? Ass den Här Kulturminister am viraus informéiert ginn?
5. Wat ass d'Meenung vum Här Kulturminister zu dem anscheinend geplangten Ofbau vun der "Kapell"?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique